N°7087
Entrée le 27.10.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 27.10.2022

adr
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 27. Oktober 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister an un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Et ass gewosst, datt Lëtzebuerg eng Penurie beim Gesondheetspersonal huet. Dobäi sinn aktuell schonn zwee Drëttel vun eisem Fleegepersonal aus dem Ausland rekrutéiert. Bis 2034 sollen dann 42 Prozent vum Fleegepersonal an d'Pensioun goen. Dozou kënnt, datt ëmmer méi Leit de Beruff verloossen a mir bilde selwer och nëmme wéineg Krankefleeger am Land aus.

D'Weltgesondheetsorganisatioun huet all Land geroden, bis 2030 zwee Drëttel vu senger Ofhängegkeet vun Nopeschlänner erofzeschrauwen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Regierung gär folgend Froe stellen:

1. Opgeschlësselt no Frontalieren an Awunner vu Lëtzebuerg: Wéi vill Aide-soignanten a wéi vill Infirmieren hunn zu Lëtzebuerg hire Beruff zënter 2010 pro Joer verlooss,
   - fir de Beruff ze wiesselen?
   - fir an d'Pensioun ze goen?
2. Opgeschlësselt no Frontalieren an Awunner vu Lëtzebuerg: Wéi vill Aide-soignanten a wéi vill Infirmiere sinn zënter 2010 pro Joer
   - nei am Beruff bäikomm?
   - ze wéineg am Sektor gewiescht?
3. Kann d'Regierung soen, wéi vill Persounen d'Joer zënter 2010 e Léiergang als Infirmier an als Aide-soignant hei am Land
   - ugefaang hunn?
   - ofgeschloss hunn?
   - ofgebrach hunn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

Fred Keup
Deputéierten

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch an dem Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro n°7087 vun den honorabelen Deputéierten Här Jeff Engelen an Här Fred Keup**

1. *Opgeschlësselt no Frontalieren an Awunner vu Lëtzebuerg: Wéi vill Aide-soignanten a wéi vill Infirmieren hunn zu Lëtzebuerg hire Beruff zënter 2010 pro Joer verlooss,*

   *–fir de Beruff ze wiesselen?*
   *–fir an d'Pensioun ze goen?*

   Zënter 2010, hunn 3.354 Infirmieren an 1.643 Aide-soignanten hire Beruff verlooss.

   De Gesondheetsministère huet keng Donnéeën wat d'Unzuel vun Aide-soignanten an Infirmieren betrëfft déi an d'Pensioun gaange sinn.

2. *Opgeschlësselt no Frontalieren an Awunner vu Lëtzebuerg: Wéi vill Aide-soignanten a wéi vill Infirmieren sinn zënter 2010 pro Joer*

   *–nei am Beruff bäikomm?*
   *–ze wéineg am Sektor gewiescht?*

   Zënter 2010 sinn 6.138 Infirmieren souwuel wéi 3.488 Aide-soignanten nei am Beruff bäikomm.

   De Gesondheetsministère huet keng Donnéeën wat d'Unzuel vun Aide-soignanten an Infirmieren betrëfft déi et ze wéineg am Sektor gin sin.

3. *Kann d'Regierung soen, wéi vill Persounen d'Joer zënter 2010 de Léiergang als Infirmier an als Aide-soignant hei am Land*

   *–ugefaangen hunn?*
   *–ofgeschloss hunn?*
   *-ofgebrach hunn?*

   Bei den Aide-soignanten konnten zënter 2010 insgesamt 2.013 Inscriptiounen festgehal gi, bei den Infirmieren sinn et der 2.782. Zënter 2010, hunn 1.454 Aide-soignanten an 854 Infirmieren hir Formation mat Succès ofgeschloss.

   D'Zuelen fir d'Sessioun 2021/2022 konnten nach net fixéiert ginn well verschidde Studenten hir Noexamen nach net validéiert hunn.

   De Gesondheetsministère verfügt nët iwwer d'Unzuel vun Studenten déi hiren Léiergang ofgebrach hunn.

Lëtzebuerg, den 6. Dezember 2022

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert